

Lëtzebuerg, de 17. August 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

„Mir ass vu besuergte Leit beriicht ginn, datt den Impfbus, deen de leschte Freideg, 12. August, zu Ettelbréck op der Place Marie-Thérèse tëscht 12 an 18 Auer d'Leit empfaangen huet, ënner anerem fir den 2. Booster ze ginn, d'Pattonstad huet missen Hals iwwer Kapp Richtung Lëtzebuerg verloossen, fir op den Ausfall vun engem anere Bus am Zentrum ze reagéieren. Leider stoungen awer zu deem Abléck ronn dräi Dose Biergerinnen a Bierger an der Rei ze waarden an hu missen op eemol heem goen.

Aus deem Grond wollt ech d'Madamm Gesondheetsministesch Folgendes froen:

- Wéi ass den Impfbusdénsgscht de Moment landeswäit organiséiert?
- Firwat huet den Impfbus d'Stad Ettelbréck stante pede misse verloossen? Wéi sinn déi betraffe Leit duerno en charge geholl ginn? Wat gouf hinne geroden?
- Stëmmt et, datt den Impfbus an noer Zukunft nach just bis op Miersch a wierklech net méi an de Bezierk Norde gefuer soll kommen? Wann deem sou sollt sinn, wier d'Madamm Minister da bereet, fir an der Verwaltung z'intervenéieren, fir datt dat geännert gëtt?“

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'André Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER  
Deputéierten